Rapport vun eiser Réunioun vum 26. Mee 2016

Présent waren : Simone Frank, Jorge De Sousa, Astrid Kontz-Krause, Claude Kontz, Eliane Krier-Scholler, Sabine Luxen, Elvire Olinger-Ferber

Entschëllegt war : Eliane Barthel, Bettina Vogel, Sophie Dreisbach, Manuela Reuter, Danielle Thiry-Blang, Linda Chretien

Ufank : 19.00 Auer

Résumé Porte Ouverte

- Porte Ouverte hat gudden Succès. Et ass alles tiptop verlaaf.
- Mir haten en ganz flotten Stand. Léit sinn bei ons komm an mir hun och dat een oder anert Gespréich ausgetosch.
- Durch eisen flotten Roll Up an den Badgen sinn mir opgefall an Léit hun gesinn datt mir präsent waren.

Subsiden

- Mir haten als Eltercomité 2 Ufroen kritt fir Subsiden an zwar war dat fir Remise des prix an fir Soirée marocaine wou Schüler hir Rees an den Maroc gemach hun.
- Mir hun déi 2 Evenementer mat engem Subside ënnerstetzt.

Besuch Educatiounsminister

- Den Här Meisch ass mat sengen Visiten an den Lycéen ënnerwee.

- Do huet hien och den 26. Mee, den Mamer Lycée besicht. Alleguerten Comiteen haten 1 Stonn Zäit fir him Froen ze stellen.
- Fro vum Elterecomité war Orientéierung vum Cycle 4.2 op 7e an och datt et schued wier wann déi relativ kleng Klassen am Mamer Lycée giffen verschwannen. Genee dat ass en positiven Aspekt vum Mamer Lycée.
- Et war en interessant Gespréich. Déi néi Sparte fir den Mamer Lycée “Architecture, Arts et construction” ass och präsentéiert ginn an huet gudden Uklang beim Minister fond.

Conseil d’éducation / Commission de restauration

- Den Conseil d’éducation ass durch Visite vum Här Meisch verluecht ginn.
- Commission de restauration ass Freides, den 3. Juni um 15.15 Auer. Sophie geet vum Elterecomité an déi Réunioun.

Divers

- Thema Poloen mat der Broderie vum Elterecomité geet bei der nächster Réunioun beschwaat.

- Nächst Réunioun ass ***Meindes, den 20.06.2016 um 19.00 Auer***

Enn: 20.15 Auer